# D'Geme'sfra.

*E Steckelche fir leschteg Médercher.*

*D'Finn:* (eng Geme'sfra stêt op der Plâtz, ennert engem gro'sse Prable', bei hirem Geme'skuoref. — Sie sengt op d'Weis: 't ass Kirmesdag an der Stâdt . . .)

Dir Dammen an dir Jofferen, kuckt meng Wuoren hei.
'T ass kèng Fra um Mârt mat so' Sâchen we' elei.
Fresch aus der Kautsch, sie blenken, ble'en, lâchen un,
Wûrzele, Blieder, Knäpp, all Haut a Buodem ass gutt drun.
't ass net gelun.

An ech sin d'Finn aus engem sche'ne Gârt.
Gèldir, dat hat dir iech gur net erwârt.
Wien eng gutt Zopp an zart Geme's beim Flêscht wöllt hun,
Muss beim Finn passe'ren, wèll en huot jo èppes dervun.
Nu get iech drun!! —

Jaaa!! Wann de' Konkurrenz net wär! Lo stêt dat dommt Jänn dohannen a verkêft seng Wîrzelcher, Ierzen a Knuowekeksze'wen drei Sou belleger we' ech, neme fir mech be's ze mâchen. A wann hatt och nach eso' rose get, mech krit hatt net be's. Mè, wann ech eng Ke'er . . . . Kuck, lo pâckt et dèr êfälleger Coiffeursfra nammel e Kapp dèr stre'eger Zellerie an! Wuorfir huot de' dach net eso'vill am Kapp, fir bei mir en ordentleche Kapp ze kafen...?

Jaaa! Dir meng le'f Leit, et krit ên heiansdo d'Ze'we kal vum Stoen an de Kapp wârm vum Jeitzen! Fir ên êfällege Pâck Choufleurske'l kann eng vun dobausse vum Land, de' dann e Gesîcht we' e Choufleur mecht, krèmpelen a ströppen, bis ên er de Pâck nogeheit. Ech froen iech, wat me'ch ê mat eso' engem Pâck, wann sie de Pâck net ge'f huolen?

Lôss mech net ze hârt schwätzen, wèll hautdesdag sin d'Leit ganz kriddlech! Et dârf ên emol net schief kucken, et hätt ê ne'deg sech mat Eau de Cologne ze wäschen an d'Porretten a Seidepabeier anzewéckeln, wann eng âl Porrett gèr jong Porretten hätt!! —

Heiansdo könnten d'Cornischongen jo me' deck an d'Preisser me' klèng sin. Mè ech froen iech, kann ech dervir, wann den Dollar gèr am Himmel wär an der Sonn hir Stêkuolen neischt dâchen!

Dir meng le'f Leit, wann der Médercher huot, mâcht dass neme kênt fir Geme'sfra stode'ert! D'Giélsecht krit et mat der Zeit vun Ierger! Et sin iwerhapt och Geme'sefrae genug op der Welt. Et wär eng Schân, wann d'Konkurrenz nach me' gro'ss ge'f.

Lôss mech emol ziéle, wat ech gelo'st hun! (Zitt e lânge Beidel mat vill Suen eraus, reselt.) Gèlt, 't ass jo nawèll gutt gângen! Eise Jang hätt nemen hallef eos'vill gelo'st! D'Handwîrk ass nawèll net eso' schlecht, wann ên d'Sue bis huot! Ha! Ewèg mam Geld, do kent eng Giedelchen, de' ass net êns gi mam Jänn.

*Mrei* (eng Baurefra): Huot der spatze Kabes?

*Finn:* Ma nên, Madame, ech hun neme ronnen.

*Mrei:* Huot der Mangetouen?

*Finn:* Et ass jo aus der Zeit eraus.

*Mrei:* Da wären s'och bölleg gewiescht. Wivill ass eso' eng Ze'w Knuoweleck?

*Finn:* Mir verkafen hei de Kapp mat den Ze'wen.

*Mrei:* Ech hätt mat enger Ze'w genug gehât, dén anere Mârt ass de Knuoweleck ganz secher bölleg a völleg.

*Finn:* Wär de' alt erem mat hiren Ze'wen dohém!

*Mrei:* Sin nach kèng Ande'wen do?

*Finn:* Dach, hei hu mer sche'n Héder, bréder!

*Mrei:* Ech hätt le'wer de' gekrauselt gehât!

*Finn:* O da mâcht iech èr Krausele sèlwer!

*Mrei:* Sin de' Wûrzele ganz fresch?

*Finn:* Dir gesitt jo dass se nach vu Virzejoer sin. Mir haten se dohém an d'Hâscht gehângen.

*Mrei:* Sie könnten nach me' deck a me' lâng sin.

*Finn:* Wann de' net geschwönn verduft, dann he'ert der èppes.

*Mrei:* Wat kascht eng Schäppche Schalotten.

*Finn:* Drei Frang, wèll Dir et sitt.

*Mrei:* Drei Frang. Drei Ganzer? Fir eso' ê Gejibbels! Lôsse mer soen 30 Sous? Ech huolen dann eng hallef Schäppen! —

*Finn:* A wann der elo net geschwönn vu mengem Magaseng ewèg sitt, dann huolen ech de' Cornischong hei an ...

*Mrei:* Ro'eg, ro'eg, Madame. Ech gin, ech lafen. (of.)

*Finn:* Ass et nun net grad we' ech iech gesot hun! Ech froen iech all, we' der do sitt: Wien hätt nach Loscht Geme'sfra ze spillen? — Kuck, wann ech de' elo erem hätt, Mo'ss ge'f ech aus er mâchen! —

*Henriette:* (eng Damm aus der Stâdt: De' sét neischt, sie wullt a moschtert an alle Sâchen, geheit Wûrzelen an Önnen op de Buodem. — D'Finn stèmmt d'Ärm an d'Seit, rêft erem alles op a kuckt sech de'

Herrschaft un.) Ech muss iech gestoen, Madame, d'Geme's vun dèr Fra dohanne war all me' fein a vill me' fresch.

*Finn:* A wat huot Dir kaft?

*Henriette:* Duorfir gin ech elo erem hanaescht duor! — Au revoir!

*Finn:* (mecht zwo' Feischt) An eso' eng Popp kent mir hier alles durcherné werfen a meng Sâchen erof mâchen! O, ech zidderen! Dat krit eies Jang gesot! Lo huot en et mat senger Gedold! Sèlwer kann en hier stoe kommen! Ah nên! Sie ge'fen hie mam Boutique fortdroen!!

*Kätt:* (am Kicheschirteg, mat engem gro'sse Kuoref.) Drei Päck Wûrzele, wann ech gelifft.

*Finn:* So', Madame.

*Kätt:* Acht Héder Zalot.

*Finn:* So' Madame.

*Kätt:* Drei Choufleurs.

*Finn:* So' Madame.

*Kätt:* Ve'er Päck Zoppekraut.

*Finn:* Hei ass d'Affär, Madame. (Emmer me' frendlech.)

*Kätt:* Zeng Dose Porretten.

*Finn:* Wann ech gelifft, Madame. (lues) So' huot ên dach Spâss ze verkafen.

*Kätt:* Merci, Madame, da schreift op, bis de' aner Ke'er!

*Finn:* Wat sot dir?

*Kätt:* Mè, ech hun elo kê Geld, de' aner Woch kommen ech nach eng Ke'er erem.

*Finn:* So' èppes léft awer net me'!

*Kätt:* Dach, Madame, ech kann nach lafen! (Wöllt fortlafen.)

*Finn:* Ah nên, so' se'er.sche'ssen d'Preise nach net! (Pâckt s'un.) Hei get berappt oder ech jeizen der Police.

*Kätt:* Ech soe jo, ech hu kèng Suen! Dir könnt dach de' puor deierlech Sâche puffen!

*Finn:* Wat soll ech? Hei get net fir ên halwe Su gepufft! Hé Police! Hé Police!!

*Kätt:* Dann do huot Dir ère Kabes erem. (Geheit d'Geme's aus dem Kuoref dohin op de Buodem. (Of.)

*Finn:* O mei Gott! Ech stierwen! So' eng Frechlêt! Hé Police! Police! A wuorfir ass dann och elo kèng Police hei. Kuck dat Jänn dohannen, wat dat lâcht!! O Jang, hätt ech dech hei!

Elo froen ech iech, meng le'w Leit, wîe vun iech wöllt Geme'sfra sin. Ech wöll et och net me' sin. (Geheit e Kabeshêt ewèg.) Wat get dir mir fir de ganze Boutique? — — — (wârt en Ableck) Et ass kên do? — We' et mer sciéngt, sitt dir der grad eso'! Mè wârt, ênt soen ech iech, mâcht dass kê mer ennert d'Gräpp fällt.

De' aner Ke'er kent eise Jang op de Mârt. Ech gi jo le'wer als gemèng Dole'nesch d'Wäsch klappen, we' nach eng Ke'er op des Plâtz. Hopp, hêm mat der Kutsch! — (Reselt alles durchernên a pâckt an.)

